



N°4549
Reçue le 25.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.06.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Säit Mäerz 2021 gëtt et fir blo, giel a roud markéierte medezinesche Cannabis eng national Rupture de Stock.

Vill Leit sinn gezwongen hiert Cannabis-Traitement ze ënnerbriechen an nees op klassesch Schmerzmittel (mat all de bekannten Niewewierkungen) ëmzesteigen oder hunn sech missten um Schwaarzmaart ëmkucken, wou et keng Garantie gëtt, ob den ugebuedene Produit net mat ongesonden Zousätz gestreckt gouf. Esou huet déi aktuell Rupture de Stock een direkten Afloss op d'Gesondheet vun de betraffene Patienten.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat hätt kéinte gemaach ginn, fir sou eng Situatioun ze vermeiden?
Plangt d'Regierung an Zukunft méi Kontrakter mat zousätzleche Fournisseuren ze ënnerzeechnen, fir esou Rupturen an Zukunft besser ze vermeiden?
2. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4282, huet d'Ministesch erkläert, dass:

"Fir e Liwwerenkpass ze verhënneren, gouf Enn 2020 eng nei Ausschreibung publizéiert fir nei Liwweranten ze fannen. Ënnert den agetraffenen Offere waren der e puer net zoulasseg a vun deenen zoulassegen Offeren huet keng mat de Critère vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt. Doropshi gouf eng nei Offer ausgeschriwwen, déi zur Zait awer nach ausgewaert gëtt. D'Méiglechkeet fir Produiten ausserhalb vun den Ausschreibungen ze bestelle sinn a Bezuch op de Budget an d'Disponibilitéit begrenzt."

Wéi vill Offere waren der Regierung am Kader vun dëser Ausschreibung gemaach ginn?

A wéi enge Punkten hunn déi zoulasseg Offeren net mat de d'Critère vu cahier des charges iwwereneegestëmmt?

3. D'Ministesch huet och 2020 erkläert dass eng nei Offer ausgeschriwwen gouf. Wéini gëtt dës Ausschreibung clôturéiert, falls se et nach net ass?



www.piraten.lu

Wéi vill Offere si bis elo am Kader vun dëser Ausschreibung agangeng?

4. Kann de Gesondheitsministère een Zäitkader ginn, an deem dës nei Ausschreibung clôturéiert an een neie Fournisseur engagéiert ka ginn?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

